1-2018-O-J-5346-01 (n°2926)

ADR
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depôt: Gast Gibéryen
Débat projets de loi N°7450 et N°7451 ainsi que sur le PSC et le PNR

Lëtzebuerg, den 24. Abrëll 2019

2

**MOTIOUN**

D'Chamber,

stellt fest

- datt de Budget vun 2018 viraussiichtlech en Iwwerschoss vun 121 Milliounen Euro opweist;
- datt dësen Iwwerschoss op déi aussergewéinlech weltwäit Konjunktur zeréckzeféieren ass;
- datt den Zukunftsfong (Fonds souverain intergénérationnel) agefouert ginn ass, fir den zukünftege Generatiounen bei eventuelle wirtschaftlechen oder finanzielle gréissere Problemer eng Reserve zur Verfügung ze stellen;
- datt grad an Zäiten, wou d'Staatsfinanze gutt sinn, den Zukunftsfong soll gespeist ginn;

fuerdert d'Regierung op

- den Iwwerschoss vum Budget 2018 integral an den Zukunftsfong ze iwwerweisen.

GAST GIBERYEN

ADR – Groupe parlementaire 22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745
ADR – Parti politique 20, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg